CSV FRAKTIOUN

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 34/2020
24 JAN. 2020
A traiter par:
Copie à:

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le
23 JAN. 2020
1760

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2020

Här President,

Esou eréi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech, des parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft an un den Här Minister fir Tourismus weider ze leeden.

Landwirtschaft ass e wichtege Bestanddeel vun der lëtzebuerger Geschicht. Laut eisen Informatioune wieren de Landwirtschaftsministère souwéi och den Tourismusministère un der Realisatioun vun engem nationalen landwirtschaftlechen Musée interesséiert.

Dëse Projet wier wichteg, well d' Akerbauschoul deemnächst an hir nei Raimlechkeete plënnert, sie awer hir sëllegen Exponaten, Archivalen an och Maschinne vu fréier, déi schonns z.b. renovéiert sënn, net op den neie Site ka mat huelen. Esou ee Musée wier och déi richteg Plaz fir generell historescht Material an Exponaten aus der Landwirtschaft auszestellen, ze schützen an z'erhalen. Sou kéinten zb och Objet 'en aus dem fréieren Agrozenter op sou enger Platz ënnerbruecht ginn

An dësem Kontext wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft an dem Här Minister fir Tourismus folgend Froe stellen:

- Kënnen d'Ministere bestätegen, datt sie esou engem Projet vun engem landwirtschaftlechem Musée géigeniwwer positiv gesënnt sinn?
- Ass um aktuellem Site vun der Akerbauschoul zu Ettelbréck d' Realiséierung vun dësem Projet méiglech?
- Wann jo, ass d'Regierung prett esou ee Projet op Been ze stellen ?
- Wann neen, gëtt et an der Nordstad een aneren appropriéierte Site fir esou e Musée anzeriichten ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Députéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 23 janvier 2020

Objet : Question parlementaire n° 1760 du 22.01.2020 de Madame la Députée Martine Hansen - Musée agricole

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 34/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 10 mars 2020

Objet: Question parlementaire n°1760 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Monsieur le Ministre du Tourisme à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Monsieur le Ministre du Tourisme à la question parlementaire n° 1760 de Madame la Députée Martine HANSEN

- **Kënnen d'Ministere bestätegen, datt si esou engem Projet vun engem landwirtschaftleche Musée géigeniwwer positiv gesënnt sinn?**
- **Ass um aktuelle Site vun der Akerbauschoul zu Ettelbréck d'Realiséierung vun dësem Projet méiglech?**
- **Wann jo, ass d'Regierung prett esou ee Projet op Been ze stellen?**
- **Wann neen, gëtt et an der Nordstad een aneren appropriéierte Site fir esou e Musée anzeriichten?**

Ouni Zweiwel sinn d'Secteur'en Landwirtschaft, Wäibau, Uebst- a Gaardebau wichteg Bestanddeeler vun der Lëtzebuerger Geschicht. Hu si dach bis haut d'Gestaltung vun eiser Kulturlandschaft wéi och d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft, besonnesch an eise ländleche Reim, däitlech matgepräägt. Duerfir ass d'Iddi vun engem „nationale landwirtschaftleche Musée" sécherlech eng ganz interessant.

Bei enger Entrevue am Summer 2019 krute mir ee Projet vun engem „nationale Landwirtschafts-Musée", a Form vun enger Konzept-Iddi, vun engem Schüler aus der Akerbauschoul presentéiert.

Esou ee Projet sollt am Kader vun engem enken Netzwierk mat deene sëllege bestoende wéi geplangte lokalen a ländleche Muséeën am Land gesi ginn. Dobäi huet all lokale Musée oder Dokumentatiounszentrum uechtert d'Land seng ganz spezifesch an eenzegaarteg Creneau'en. Dës sollen sech am Interessi vum Visiteur mateneen ergänzen a verstäerken.

Vu datt bis haut weder ee fäerdeg a präziist Konzept nach een Träger fir esou ee Musée definéiert ass, stellt sech fir de Moment d'Fro vun engem Site net.

Zu dësem Moment ass awer schonns gewosst, datt den aktuelle Site vun der Akerbauschoul zu Ettelbréck fir déi néideg Extensioun vum Technesche Lycée Ettelbréck virgesinn ass.